ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 4. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Persounen, déi mam Wierkstoff AstraZeneca geimpft goufen, kruten ursprénglech e Bréif fir en zweeten Impftermin, deen 4 Wochen no der éischter Impfung ofgewéckelt sollt ginn. An dësem Bréif war ugemierkt, datt sech d'Leit fir déi éischt Impfung en Termin aussiche sollten, deen si esou arrangéiert, datt si exakt véier Wochen duerno fir déi zweet Impfung untriede kënnen. No der neier Impfempfeelung vun der Santé ass elo awer decidéiert ginn, déi zweet Impfung ëm weider sechs Wochen no hannen ze verréckelen. An där neier Invitatioun gëtt dëse Persounen also en Datum matgedeelt, deen si sech net konnten eraussichen an deen si soumat an deem zäitleche Kontext eventuell och net anhale kënnen.

An deem Kontext géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1. Ass d'Madamm Minister doriwwer informéiert, datt den Impftermin fir déi zweet Impfung mam AstraZeneca ëm weider sechs Wochen no hanne verréckelt gouf?
2. No Récksprooch mat der Hotline vun der Santé gouf de Betraffene Persoune matgedeelt, datt si den Termin fir déi zweet Impfung net méi kënnen individuell verleeën. Ass d'Madamm Minister sech an deem Kontext bewosst, datt dëst fir vill vun de Betraffene mat gréisseren Ëmstänn verbonnen ass?
3. Wa jo, gedenkt de Gesondheetsministère an deem Kontext dodrun, Dispositiounen ze ergräifen, fir datt déi Betraffen hiren zweeten Impftermin, jee no zäitlecher Dispositioun, individuell festleeë kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten